- Setzt iech elo a Gruppe vu véier zesummen an eegent iech an enger Diskussioun op dräi Theemen, déi iech alleguerte wichteg sinn.
- All Grupp stellt hir Prioritéite vir an erkläert d'Grënn vun hirer Prioritéitesetzung.
- Vergläicht: Wat fir eng Gruppe vertrieden op d'mannst eng änlech Positioun a kéinte sech zu enger gréisserer Grupp/Partei zesummeschléissen?
- Wéi schwéier war et fir iech, individuell a gemeinsam Prioritéite festzeleeën?
- Wéi äussere sech déi eenzel Lëtzebuerger Parteien zu ären dräi Prioritéiten? Recherchéiert an ären Interessegruppen op de verschiddene Kommunikatiounskanäl vun de Parteien: Parteiprogramm, Internetsäit, Videoen, sozial Medien. Haalt d'Resultater op engem Poster oder online op enger App fest (z. B. mat padlet).
- D'Interessegruppen deelen d'Resultat mat der Klass.
- Stellt e Meenungsbild vun ärer Klass mat engem Ëmfroentool zesummen.
  Wat fir eng Partei géing an ärer Klass déi meescht Stëmmen zesummekréien?

An enger Demokratie spille Parteien eng zentral Roll, déi rechtlech unerkannt an ofgeséchert ass.

R1

Art. 1er.

Aux fins de l'application de la présente loi, on entend par

- « parti politique », l'association de personnes physiques, dotée ou non de la personnalité juridique, qui concourt, dans le respect des principes fondamentaux de la démocratie, à l'expression du suffrage universel et de la volonté populaire de la manière définie dans ses statuts ou son programme;
- « composantes d'un parti politique », toute entité nationale, régionale, locale ou sectorielle d'un parti politique ainsi que tout organisme contribuant à l'action de celui-ci par des activités de formation, d'études et de recherche ou de gestion du patrimoine, quelle qu'en soit la forme juridique.

Loi du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques.

- Schafft mat der Ressource R1. Wat ass ärer Meenung no den Ënnerscheed tëschent enger Partei, enger Biergerinitiativ an enger ONG? Sammelt Beispiller a stellt eng Tabell mat Eegenschaften zesummen.

Walcheck

1. Déi 5 Walgrondsätz

Setz d'Grondsätz bei déi richteg Stickeren.

fräi •

obligatoresch •

allgemeng •

representativ •

geheim •

- Tëschent dem 18. an dem 75. Liewensjoer muss een eng Begrënnung uginn, wann een net un de Walen deelhëlt. D'Bréifwal ass eng Optioun, déi fir jidderee méiglech ass – ouni datt een e Grond muss uginn.
- Et duerf keen Drock op d'Wieler oder Wielerinnen ausgeübt ginn.
- D'Lëtzebuerger a Lëtzebuergerinne wielen d'Deputéiert, déi d'Vollek representéieren a politesch Decisiounen treffen.
- All d'Bierger a Biergerinnen duerfe wielen, wa se déi allgemeng Viraussetzungen dofir erfëllen.
- De Wieler oder d'Wielerin wielt anonym an enger Eenzelkabinn.

2. Duerf ech scho wielen?

Du muss dräi Konditiounen erfëllen, fir dat aktiivt Walrecht ze besëtzen, dat heescht, fir duerfen ze wielen. Wann s du alleguerten déi véier Konditiounen erfëlls, besëtz du och dat passiivt Walrecht. Du kanns dech wiele loossen.

Konditioun	aktiv	ECH	passiv	ECH
Lëtzebuerger Nationalitéit	obligatoresch		obligatoresch	
Den Dag vun de Walen 18 Joer al sinn	obligatoresch		obligatoresch	
Déi zivil a politesch Rechter besëtzen*	obligatoresch		obligatoresch	
Wunnsëtz zu Lëtzebuerg	/		obligatoresch	

* Am Code pénal (Art. 7) ass d'„interdiction de certains droits civils et politiques" virgesinn, z. B. bei Walbedruch (Art. 139).

Online-Versioun vun der Aufgab:
https://learningapps.org/watch?v=p9yx7ttzt23

3. De Walsystem

1. Deputéiert
2. Lëschten
3. Chamberwalen
4. aktiven
5. allgemengt Walrecht
6. passiven
7. Net-Lëtzebuerger / Net-Lëtzebuergerinnen
8. Wieler*in
9. Walbezierker
10. representéiert
11. Zentrum
12. net iwwerschreiden
13. Kräizercher
14. schwäerzen
15. Stëmmen

Zënter 1919 gëllt dat _____ . Et gëtt tëschent dem _____ Walrecht an dem _____ Walrecht ënnerscheet. Deen éischte Prinzip leet fest, wie sech duerf wiele loossen an deen zweete reegelt, wien anerer ka wielen. _____ duerfen net un de Chamberwalen deelhuelen.
Déi fannen all fënnef Joer statt. Et gi 60 _____ gewielt, déi aus de véier _____, Süden, _____ , Norden an Osten, kommen. Dës Andeelung mécht, datt all d'Géigende vum Land an der Chamber _____ ginn.
Virun de Wale stelle Parteien oder Gruppéierunge _____ mat Kandidaten a Kandidatinnen op. Hir Unzuel duerf d'Zuel vun den Deputéiert, déi an engem Bezierk gewielt musse ginn, _____.
All _____ huet esou vill Stëmmen ze verginn, wéi Deputéiert a sengem/hirem Bezierk virgesi sinn. Et kann ee seng Stëmmen enger eenzeger Partei ginn. Dofir muss een de Krees iwwer der Lëscht _____. Et kann een och panaschéieren, also seng _____ op verschidde Lëschte maachen a kumuléieren, andeems een engem Kandidat oder enger Kandidatin maximal zwou _____ gëtt.

Wat mécht d'Chamber?

60 Deputéiert. Dat si Politiker*innen, déi bei de Chamberwale gewielt gi sinn an déi de Wieler a Wielerinnen hir Interesse vertriede sollen. D'Chamber befënnt sech an engem historesche Gebai (1) um Krautmaart, direkt niewent dem Grand-Duc sengem Palais an der Stad.

D'Deputéiert hu ganz wichteg Aufgaben. Se kontrolléieren d'Regierung a bestëmmen, wéi vill Suen déi duerf ausginn. Ausserdeem entscheede se iwwer nei Gesetzer, déi dann am ganze Land gëllen. Dat leeft folgendermoossen of:

All d'Deputéiert kënne Virschléi fir nei Gesetzer maachen. Meeschtens kommen d'Virschléi fir en neit Gesetz awer vun der Regierung, also vum Premierminister oder vun der Premierministerin bzw. vun engem Minister oder enger Ministerin. D'Deputéiert diskutéieren dann an de sougenannte Kommissiounen (2), also an engem méi klenge Krees vu meeschtens 13 Deputéiert, iwwer e bestëmmt Gesetz, z. B. bis zu wat fir engem Liewensjoer Jugendlecher an d'Schoul musse goen. Se lauschtere sech dofir meeschtens d'Meenung vun Experten oder Expertinnen un a kënnen Ännerunge fir dat Gesetz virschloen. An deem Gesetz heescht et dann: D'Schoulflicht gëllt bis dat 18. Liewensjoer. Am Plenièressall (3) duerfen dann all d'Deputéiert esouwéi d'Membere vun der Regierung un d'Riednerpult (4), fir hir Meenung zum Gesetzesvirschlag ofzeginn oder Stellung ze bezéien. Dono gëtt driwwer ofgestëmmt. Wann d'Majoritéit fir de Virschlag stëmmt, dann ënnerschreiwen den zoustännege Minister oder déi zoustänneg Ministerin an de Grand-Duc d'Gesetz. Mat der Veröffentlechung trëtt d'Gesetz a Kraaft, dat heescht, et gëtt gëlteg. Elo muss jiddweree sech drun halen.

Fir datt d'Bierger a Biergerinnen och matkréien, wat hir Deputéiert esou maachen, sinn d'Sitzungen öffentlech. All d'Biergerinnen a Bierger esouwéi de Radio, d'Tëlee an déi geschriwwe Press hunn Zougang zu de Penièressitzungen. Journalisten a Journalistinne verfüge fir hir Reportagen iwwer eege Büroen am Chambersgebai. En eegene parlamentaresche Sender (Chamber TV) (5) bericht iwwer d'Sitzungen an d'Debatten an der Chamber. D'Compte-rendue kënnen op www.chd.lu consultéiert ginn.

Wie Loscht huet, den Deputéiert bei hirer Aarbecht nozekucken, kann dat maachen. An der Chamber ginn et extra Plaze fir Visiteuren. Se duerfen d'Sitzung awer net stéieren an och net d'Wuert ergräifen

http://www.edulink.lu/93lh

- Setz d'Gebaier an d'Deeler vun de Gebaier, déi am Text genannt ginn (1-5), bei déi richteg Biller.
- Notéier kuerz ënner d'Fotoen, wat do passéiert. Du kanns den Text zur Hëllef huelen.
- Informéier dech op der Internetsäit vun der Chamber (www.chd.lu) iwwer aktuell Gesetzesprojeten a bericht virun der Klass driwwer.

Source: duerchbléck! Nr. 2 – Chamberwalen

© Chambre des Députés

Online-Versioun vun der Aufgab:
https://learningapps.org/watch?v=pdn8gi62c23

© Chambre des Députés

© Chambre des Députés

© Chambre des Députés

© Chambre des Députés

Source: duerchbléck! Nr. 2 – Chamberwalen

Source: duerchbléck! Nr. 2 – Chamberwalen

Elections législatives du 8 octobre 2023

Election de 9 députés / circonscription électorale Nord

Chamberwale vum 8. Oktober 2023

Wal vun 9 Deputéiert / Walbezierk Norden

1 Partei fir de Fortschrëtt (frz. Parti du Progrès)	2 Biergerpartei (frz. Parti des Citoyens)	3 Wuelstandspartei (Parti du Bien-être)	4 Ëmweltschutzpartei (Parti pour la Protection de l'Environnement)	5 Partei fir den digitalen Zäitalter (Parti de l'Ère numérique)
Véronique Meiers	Caroline Stadter	Clär Molitor-Zachanassian	Mary-Lindsay Johannesdottir	Laika Lavenir
Al Novir	Tarek Al Mansour	Julie Hermès	Charel Gringespoun	Guy Sputnik
Michèle Bien	Antoine Molitor	Fabrice de la Fontaine	Maryse Da Silva	Apollo Matos
George Allwell	Elisabeth Origer	Marco Zockerkoup	Liz Chanteclaire	Stephan Jobbs
Jason Ferreira	Claude Muller	Fabio De Cecco	Ed Linné	Guido Fibonacci
Jul Werne	Gianni Borghese	Wotan Buffet	Freya Darwin	Steve Battin
Martine Ney	Stefan Boskovic	Jeff Besos	Zoé Besch	Laika Funck
Lindsay Space	Anne Olinger-Da Costa	Jannot Metz	Georges Bauer	Hugo Gernsback
Josy Lumière	Mariette Majerus	Pierrette Dupong	Pit Campagna	Guillaume Portail

Wielen – wéi geet dat?

① De Walziedel

- Et duerf een net méi Stëmme verginn ewéi Sëtzer fir de Walbezierk ze besetze sinn. Dofir soll een zum Schluss einfach nach eng Kéier nozielen. Unzuel vu Stëmmen, déi een an deene véier Walbezierker duerf verginn: Norden 9, Zentrum 21, Süden 23, Osten 7.
- Du duerfs pro Kandidat*in maximal 2 Stëmme verginn.
- Op dem Stëmmziedel duerfe keng Kennzeechen (Smiley, Numm, asw) stoen, duerch déi een dech kéint erëmerkennen, soss ass en ongëlteg.

Bsp. 1: Lëschtewal

Case iwwer der Lëscht schwäerzen: All Kandidat*in vun der Lëscht kritt doduerch eng Stëmm.

Bsp. 2: Kumuléieren = häufen

Eenzel Kandidaten a Kandidatinnen zweemol ukräizen. Se kréien doduerch zwou Stëmmen. An dësem Fall duerf ee maximal 9 Kräizercher maachen.

Bsp. 3: Panaschéieren = mëschen

Eenzel Kandidate a Kandidatinne vu verschidde Lëschten ukräizen. An dësem Fall duerf ee maximal 9 Kräizercher maachen.

Wielen – wéi geet dat?
② Den Dag vun de Walen

Online-Versioun vun der Aufgab:
https://learningapps.org/watch?v=pc82iw2ak23

- Setz d'Texter bei déi richteg Piktogrammen.
- Bericht iwwer den Oflaf vum Dag vun de Walen. Fänk u mat: „Fir d'éischt sinn ech an de Walbüro gaangen ...“









D'Wale si geheim. Géi dofir an d'Walkabinn, wou s du deng Liblingskandidaten a -kandidatinnen ukräiz.

Du wiels an där Gemeng, an där s du wunns. D'Walbüroe befanne sech meeschtens an de Raimlechkeete vun der Grondschoul oder dem lokale Centre culturel.

Du geheis de gefaalte Stëmmziedel an d'Walurn. Elo kanns de just nach op d'Veréffentlechung vun de Walresultater waarden.

Nodeems d'Walbüroen zougemaach hunn, ginn d'Stëmmen ausgezielt an dem zentrale Walbüro d'Resultater matgedeelt.

Du kriss de Stëmmziedel mat de Kandidatinnen a Kandidate vun dengem Walbezierk.

Du presentéiers deng Carte d'identité.

Source: duerchbléck! Nr. 2 – Chamberwalen

Wien duerf wielen?

Demokratie bedeit „Herrschaft vum Vollek“. De Begréff staamt aus dem Algriicheschen a setzt sech zesummen aus dem Wuert „demos“, dat esou vill ewéi „Staatsvollek“ bedeit an dem Wuert „kratos“, dat fir „Muecht“ oder „Herrschaft“ steet. Am anticke Griichenland waren allerdéngs grouss Deeler vun der Bevëlkerung vun de Walen ausgeschloss. Fraen a Kanner, Sklaven a Friemer hate kee Walrecht. Wéi awer gesäit dat haut zu Lëtzebuerg aus? Kuck dir dofir d’Ressourcen R1 bis R4 un.

R1

Lëtzebuergesch Verfassung

Kapitel IV. – D’Chamber vun den Deputéierten

Art. 62. „D’Chamber vertrëtt d’Land. (...)“

Art. 63. (3) „D’Wal ass direkt. D’Deputéiert ginn opgrond vum allgemenge Walrecht, op Lëschten, (...) gewielt.“

Art. 64. „(1) Fir wielen ze kënnen, muss ee Lëtzebuerger an uechtzéng Joer al sinn.
(2) Fir kënne gewielt ze ginn, muss een ausserdeem säi Wunnsëtz am Grand-Duché vu Lëtzebuerg hunn.
(3) An de Fäll, déi d’Gesetz virgesäit, kënnen d’Geriichter de Verloscht vum aktiven a vum passive Walrecht ausspriechen.“

R2

Lëtzebuerger Bevëlkerung (1. Januar 2023)



Total: 660.809

Quell: STATEC, 2023

R3

Lëtzebuerger Wunnbevëlkerung no Alter (1. Januar 2023)

Altersklass	Total	Lëtzebuerger*innen:
0-17 Joer	125.379	67.166
18-75 Joer	495.779	250.674
76-100+ Joer	39.651	29.562

D’Walflicht besteet tëschent 18 a 75 Joer. Leit iwwer 75 Joer besëtzen awer weiderhin d’Walrecht.

Quell: STATEC, 2023

R4

Lëtzebuerger Aarbechtsmaart 2022 (4. Trim.)

Total	478.845
Wunnbevëlkerung:	254.485
Lëtzebuerger*innen	124.051
Net-Lëtzebuerger*innen	130.434
Frontalieren	224.360

Quell: STATEC, 2023

- Wat fir eng Konditioune muss een erfëllen, fir zu Lëtzebuerg duerfe wielen ze goen? (R1)
- Iwwerlee unhand vun de Ressourcen R2 an R3, wéi vill Persounen zu Lëtzebuerg d’Walrecht besëtzen. Wat fir een Undeel mécht dat an der Gesamtbevëlkerung aus?
- Wéi grouss ass den Undeel vun de Lëtzebuerger Salariéen a Salariéeën um nationalen Aarbechtsmaart? Wéi grouss ass den Undeel vun den Net-Lëtzebuerger*innen? Ënnerscheet tëschent Leit, déi all Dag iwwer d’Grenz fueren, an der Wunnbevëlkerung. (R4)
- Diskutéier: Wie Steiere bezuelt, dee soll och duerfe wiele goen. Bezitt iech op d’Ressourcen R2 an R4.
- E groussen Undeel vun der Populatioun zu Lëtzebuerg kann net un de Chamberwalen deelhuelen. Wat fir eng Méiglechkeete bestinn, fir méi Leit un de Walen ze bedeelegen? Sammelt Pro- a Kontraargumenter zu de jeeweilege Méiglechkeeten.